Y U P P I W A L K 2 0 1 6

Fir all Kanner bis 12 Joer !!

* 30.04.2016 LIELER, ***Duerch de Cactus Bësch***

* 08.05.2016 JONGLËNSTER

* 10.07.2016 WALFER

* 07.08.2016 ETTELBRÉCK, ***Duerch de Cactus Bongert***

* 11.09.2016 STENGEFORT

* 16.10.2016 DIDDELENG

De Yuppi-Walk ass fir jiddwer Kand am Alter bis 12 Joer dat Spaass um Trëppelen huet. D'Matmaachen ass gratis an du däerfs ouni Lizenz un all Yuppi-Walk deelhuelen. Déi richteg Kleeder sinn och beim Wanderer ganz wichteg: gutt Schong a Kleeder déi de Wiederkonditiounen ugepasst sinn.
Du kriss bei dengem éischte Yuppi Walk ee Pass an eng Schnupperkaart vun der FLMP wann's du Dech umelle gees. Op dësem Pass kriss du bei all Yuppi-Walk wou's du matméchs ee Stempel.
Wann's du bei mindestens 4 Yuppi-Walken derbäi waars, kriss du de 16. Oktober 2016 zu Diddeleng beim leschte Yuppi-Walk e schéine Kaddo, deen de Yuppi selwer iwwerreecht. Eng Extra-Iwwerraschung vum Yuppi gëtt et, wann's du un alle 6 Yuppi-Walken deelgeholl hues.
Selbstverständlech däerf's du och bei allen anere Wanderunge vun der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun matmaachen, wou's du och IVV-Stempelen op deng Schnupperkaart kriss.

Informatiounen: www.cactus.lu

Reglement:ww.flmp.lu

Alle weiteren Infos oder Fragen : flmp@pt.lu, Tél.: 691 30 26 87